N°2542
Entrée le 25.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 2542 vum 1. Juli 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen iwwer d'Aarbechtsëmfeld beim TICE.**

Den honorabelen Deputéierte geet a senger Fro op e Communiqué vun der FGFC (Fédération Générale de la Fonction Communale) op eng intern Etüd zum Aarbechtsëmfeld beim TICE an.

*1. Deelt d'Ministesch d'Aschätzung vun der FGFC a vun der interner Etüd, dass d'Aarbechtsëmfeld beim TICE schlecht ass?*

*2. Wéi wäerten d'Ministesch, zesumme mat de Gemengen, op d'Kritiken vun der FGFC reagéieren?*

De Staat huet eng eejäreg Konventioun mam interkommunale Syndikat TICE ofgeschloss, déi e forfaitaire Subside fir de Busbetrib am Süde vum Land virgesäit. Dës Konventioun impliz éiert weder en administratiivt nach en operationellt Matsproocherecht vum Staat am Fonctionnement vum Syndikat.

Déi genannten Etüd ass mir an mengen Mataarbechter net bekannt. Et steet mir dofir och net zou, dës Etüd ze kommentéieren oder eng Evaluatioun dovunner virzehuelen.

Ech erlaaben mer ofschléissend drop hinzeweisen, dass Froen am Zesummenhang mat der Personalpolitik, der Aarbechtsorganisatioun oder de Bezéiungen tëschent dem Personal an der Direktioun an d'Zoustännegkeet vum interkommunale Syndikat TICE falen. De Staat ass doru gehale d'Autonomie vum Syndikat ze respektéieren a gesäit an der aktueller Konventioun dovunner of, sech an dës Gestiounsberäicher anzemëschen.

Lëtzebuerg, den 25. Juli 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

*(s.)* Yuriko BACKES